# Umeldung
## fir d'Joer 2018/2019

Biisser Kannergesank asbl

Ech si frou mat Musék, sange gär a spillen och heiansdo ganz gär Theater. Duerfir mellen ech mech un am Biisser Kannergesank:

## Informatiounen iwwert mech

Virnumm a Numm: ______________________

Adress: ______________________

______________________

Gebuertsdatum: ______________________

Nationalitéit: ______________________

Klass: Cycle ______, Klass vun ______________

Ech spillen en Instrument: ______________________

Haustelefon: ______________________

## Informatiounen iwwert meng Elteren

Numm vu menger Mamm: ______________________

Handysnummer Mamm: ______________________

Numm vu mengem Papp: ______________________

Handysnummer Papp: ______________________

E-Mail-Adress(en): ______________________

De Betrag vu **15€ fir d'Kotisatioun** iwwerweise meng Elteren bis den **20. Oktober** op de Kont LU61 1111 1926 0055 0000. (D'Sue w.e.g. net méi bor matbréngen.) Nëmmen esou sinn ech verséchert a kann als effektive Member u sämtlechen Aktivitéiten deelhuelen.

Wéngst dem Akraafttriede vum Règlement général de la protection des données (RGPD) vum 25. Mee 2018, ass et noutwenneg, dass Dir eis erlaabt, Är perséinlechen Donnéeën ze verschaffen (kuckt w.e.g. déi nächst Säiten).

## Zoustëmmung zum Dateschutz

Fir dass de Veräin gutt funktionéiere kann, ginn Är perséinlech Donnéeën veraarbecht vum:

Biisser Kannergesank asbl
c/o Huguette Muller-Kirsch
62, rue Charles-Frédéric Mersch
L–7790 Bissen

(+352) 85 84 35 / biisser-kannergesank@pt.lu

D'Veraarbechtung vun den Donnéeën, déi Dir op der éischter Säit vun däsem Formular uginn hutt, ass op verschiddene **legale Basen** begrënnt, déi sou vum Règlement général de la protection des données vum 25. Mee 2018 virgesi sinn:

- Veraarbechtungen, déi néideg sinn, fir eng rechtlech Verflichtung ze erfëllen (administrativ Zwecker, an aus Versécherungsgrënn)
- Veraarbechtungen, déi op Ärer Zoustëmmung berouen, an déi eis erlaben, déi intern Verwaltung vum Veräin ze erméiglechen, a Bréiwer ze verschécken

Är Donnéeë ginn ausschliisslech vum Sekretär vum Veräin veraarbecht, mat Ausnam vun de folgenden **Empfänger**:

- D'Gemeng vu Biissen fir e Subside unzefroen: Ären Numm a Virnumm, Är Adress an Äre Gebuertsdatum
- D'Union Grand-Duc Adolphe (UGDA): Ären Numm a Virnumm, Är Adress, Är Nationalitéit an Äre Gebuertsdatum

Allgemeng ginn Är perséinlech Donnéeë bis un den Ufank vum nächste Schouljoer **gespäichert**. Wat d'Fotoen a Filmer ubelaangt, kuckt w.e.g. déi nächst Säit.

**Dir hutt d'Recht** op déi Donnéeën zouzegräifen, déi Iech betreffen, an dovun eng Kopie ze froen (Art. 15 vum RGPD); falsch oder onvollstänneg Donnéeën verbesseren ze loossen (Art. 16 vum RGPD); an Är Donnéeë ënnert de Konditioune vum Artikel 17 vum RGPD läschen ze loossen, andeems Dir eis schrëftlech op déi uewe genannten Adress kontaktéiert. Dir hutt a gewësse Fäll e Recht op d'Portabilitéit vun Ären Donnéeën (Art. 20 vum RGPD) an op d'Aschränkung vun der Veraarbechtung ënnert de Konditioune vum Artikel 18 vum RGPD.

**Dir kënnt Iech däser Veraarbechtung opposéieren, a soumat Är Zoustëmmung fir d'Zukunft zréckzéien, ënnert de Konditioune vum Artikel 21 vum RGPD.**

Wann Dir mengt, dass eis Dateveraarbechtung net konform zum RGPD ass, kënnt Dir eng **Reklamatioun** bei der CNPD (www.cnpd.lu) areechen.

☐ Ech akzeptéieren, dass meng Donnéeën vum "Biisser Kannergesank asbl" ënnert den uewe genannte Konditioune veraarbecht ginn. Ech verstinn, datt de Biisser Kannergesank déi Veraarbechtung op den absolute Minimum beschränkt, an ech ouni däsen Accord kee Member vum Biisser Kannergesank ka ginn.

## Zousätzlech Zoustëmmungen (Fotoen)

Mir (Elteren a Kand) erlaben ausdrécklech, datt wärend dem Schouljoer 2018/2019 an am Kader vun den Aktivitéite vum Biisser Kannergesank, … *(ukräize wat der erlaabt)*

☐ … Fotoen … (*)

☐ … Filmer … (**)

… vun de Membere vum Biisser Kannergesank gemaach ginn. Dëst geschitt entweder duerch Comitésmemberen, oder Persounen, déi vum Comité beoptraagt ginn. Dës Opzeechnunge gi fir eng Dauer vun 30 Joer gespäichert.

(*) Et ass selbstverständlech, dass Dir ëmmer nach d'Recht hutt, dës Zoustëmmung fir eenzel oder all Fotoen zréckzezéien (kuckt w.e.g. de leschte Paragraph ënnen).

(**) Aus technesche Grënn, an aus Grënn vun der Einfachheet, kënnen déi Kanner, déi net gefilmt wëlle ginn, weder um Theater, nach un eisem Openthalt zu Blankenberge deelhuelen. Et sief erwähnt, datt de Biisser Kannergesank all Joer e Film vu sengem Theater a vum Openthalt zu Blankenberge mécht, deen ausschliisslech u seng Membere verdeelt gëtt.

Mir erlaben d'Späicheren, d'Verwendung am Kontext, d'Veraarbechtung an d'Veröffentlechung vun de **Fotoen** … *(ukräize wat der erlaabt)*

☐ … am Gebai vun der Primärschoul zu Biissen, hiren Annexen, an op hirem Site.

☐ … an de gedréckte Medien (z.B. Zeitungen, Plakater, Brochuren).

☐ … op der Internetsäit vum Biisser Kannergesank.

Mir verzichten ausdrécklech op eng finanziell Entschiedegung a Bezuch op dës Opzeechnungen. De Biisser Kannergesank wäert dës Opzeechnungen och a kenger Form kommerziell notzen.

No gesetzleche Bestëmmunge kann ech meng Zoustëmmungen zou all Moment zréckzéien, andeems ech ee vun de Comitésmembere schrëftlech kontaktéieren. Falls ech meng Zoustëmmung zréckzéien, ginn all d'Opzeechnungen, déi just mech weisen, an der Limitt vum Méiglechen geläscht (z.B. kann eng Foto net aus enger scho verdeelter Zeitung "geläscht" ginn); an ech ginn an alle Gruppen-Opzeechnungen an der Limitt vum Méiglechen onkenntlech gemaach (z.B. "verpixelt").

| ____________________ | ____________________ |
|---|---|
| Ënnerschrëft vu mengen Elteren | Meng Ënnerschrëft |

Biisser Kannergesank asbl.
c/o Huguette Muller-Kirsch
62, rue Ch.-Fr. Mersch
L-7790 Bissen

(+352) 85 84 35
biisser-kannergesank@pt.lu
www.biisser-kannergesank.lu
LU61 1111 1926 0055 0000